



ALEM a.s.b.l.

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

ALEM Studenteninterview

Numm : Sabrina

Studiestad : Léck

1. A wéi engem Joer/Semester bass du ?

2. Joer / 3. Semester

2. Firwat wollts du Medezin studéieren?

Et huet mech schon ëmmer fasziniert dass et esou vill Krankheete ginn an ech wollt ëmmer méi doriwwer wëssen. An och duerch perséinlech Grënn.

3. Vu wéi enger Sektoun bass du komm? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn?

Eng C Sektoun. D'Uni ass anescht wéi de Lycée. Am Ufank ass ee bësse verluer, mee mat der Zäit léiert ee sech besser ze organiséieren a selbststänneg ze schaffen.

4. No wéi enge Critère soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen?

Den éischte Critère ass dass d'Uni e gudd Programm huet a vill Méiglechkeete fir deng Zukunft ubitt. A mengen An ass den zweete Critère dass d'Studium selwer engem gefält an ee sech do och wuel fillt.

5. Wéi hues du dir mat der Admissioun gemaach? (Nott, Examen d'admission, etc.)

Ech hunn d'éischt Joer Medezin op der Uni.lu gemaach, wat mir erméiglecht huet direkt an d'zweet Joer op eng Uni am Ausland ze goen. Et misst een d'éischt Joer ganz packen, duerno kënnt de Concours wou d'Notte gekuckt ginn. Der Rei no kann da jiddereen déi Platz auswielen déi e wëll.

6. Wat häss du deemools beim Choix, Umeldung oder Ufank kéinte besser maachen a wat sinn Tipps déi's du engem géings ginn?

Ech géing uroden d'éischt Joer op der Uni.lu ze maachen, vue dass d'Chancen och grouss sinn do ugeholl ze ginn, an dat erméiglecht engem herno fir säin zweet Joer déi Uni ze wielen wou ee wëll weider studéieren ouni mussen d'"PACES" ze maachen a Frankräich oder den "Examen d'entrée" an der Belsch.



ALEM a.s.b.l.

Association Luxembourgoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

7. Wéi bass du mat denger Uni zefridden?

Ech si ganz zefridde mat menger Uni. Ech hu gutt Proffen a meng Course sinn interessant. D'Uni bitt och vill Stagen an der Klinik un, déi een maache kann bei Interesséi.

8. Wéi ass et mat der Fräizäit?

Am Ufank vum Semester huelen ech mir e bëssi méi Fräizäit mee ab November probéieren ech all Dag an d'Bibliothék ze goen. Et muss een d'Gläichgewiicht fannen tëschent Uni a sengen Hobbyen. Et muss ee sech an engem Dag Zäit huele fir ze léieren an aner Momenter am Dag fir no sech selwer ze kucken.

9. Wat war deng schlëmmsten Erfahrung am Studium?

Ech hat bis elo keng schlëmm Erfahrung, mee géing awer soen dass d'Konkurrenz tëschent Studente mol nerve kann.

10. Wat huet dir besonnesch gutt gefall bis lo? Wat war bis elo déi markantsten Erfahrung am Studium?

Mäi Stage huet mir perséinlech besonnesch gefall an den TP Anatomie wou mir mat Läichen schaffen kënnen a verschidde kierperlech Strukturen erëm erkennen konnten. Dat ware meng markantsten Erfarungen bis elo.

11. Sinn deng Virstellungen vum Studium erfëllt bis elo?

Jo!

12. Hues du scho Stagen gemaach? Géings du se éischer zu Lëtzebuerg maachen oder net?

Jo, ech hunn e Stage zu Lëtzebuerg fir 4 Woche gemaach an der Onkologie. Ech hu ganz vill gesinn a geléiert an deem Stage. Op een e Stage zu Lëtzebuerg mécht oder net, géif ech soen, hänkt dovun of a wéi engem Service een de Stage maache wëll. Lëtzebuerg ass awer eng gutt Platz fir säi Stage ze maachen.